



N°7007
Entrée le 18.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.10.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An engem Interview mam LW vum 28. Mee 2022 („Radikalisierung ist sichtbarer geworden“) fuerdert d'Directrice vun „respect.lu“ méi Preventioun a Sensibiliséierung géint Radikalismus hei am Land. Obschonns si mat där Ausso haaptsächlech déi Leit viséiert, déi am Dezember 2021 géint d'Corona-Moosname vun der Regierung demonstréiert hunn, ass et evident, dass mir an engem Klima liewen, dee vu méi extremistesche Gruppéierunge kann ausgenutzt ginn, fir hir Ideologien ze verbreedden an eventuell och gewalttätteg Aktiounen ze ënnerhuelen.

D'Police ass fir d'Sécherheet hei am Land zoustänneg. Dozou gehéiert och de Kampf géint den Terrorismus an all aner Form vun Gewalt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

- 1) Kann d'Regierung präziséieren, wéi präventiv Police-Aktivitéiten am Kampf géint Terrorismus an Extremismus hei am Land organiséiert ginn? Wéi eng Servicer sinn dofir zoustänneg an op wéi enger gesetzlecher Basis operéiere si? Iwwerwaache si och politesch Aktivitéite vu Parteien oder Politiker?
- 2) Vu weem kritt si an deem Zesammenhank hir Uweisungen? Schafft si op eegen Initiativ? Weem mécht d'Police Rapport iwwer esou Aktivitéiten?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten